PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 05/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Ufanks vun dësem Joer sinn d'Stroumpräisser fir d'Clienten an d'Luucht gaangen, dëst trotz dem Präisdeckel, dee wahrscheinlech Enn vun dësem Joer kéint auslafen. An den Donnéeën vun Eurostat gesäit een effektiv, dass d'Stroumpräisser an Europa zënter der Invasioun vun der Ukraine duerch Russland geklomme sinn.

Stéit, déi eng Photovoltaikanlag hunn an hire Stroum an d'Stroumnetz verkafen, kréien dofir vum Staat ee fixen Aspeisetariff. Et koum awer nach keng Annonce vun der Regierung, dass trotz steigenden Stroumpräisser den Aspeisetariff fir d'Leit och géif an d'Luucht goen. CSV an DP hunn am Koalitiounsaccord festgehalen:
"*Le Luxembourg renforcera ses efforts de promotion des énergies renouvelables en accélérant le développement des secteurs de l'énergie éolienne et photovoltaïque, tout en assurant la pérennité du mécanisme de subsides et d'appels d'offres pour l'énergie photovoltaïque. […]*"

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wäert d'Regierung den Aspeisetarif fir de Stroum no uewen upassen, fir de Bau vu Solaranlagen fir Privatstéit weiderhin interessant ze halen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten